BIERGER INITIATIV GEMENG DIPPECH

# De Bierger

D'Zeitung vun der Biergerinitiativ aus der Gemeng Dippech

Version française au verso

www.biergerinitiativgemengdippech.lu

N°1 • 2023

## BUDGET 2023

# KATASTROPHAL GESTIOUN VUN DE GEMENGEFINANZEN

## GEMENGESCHOLD KLËMMT OP 27 MILLIOUNEN EURO

Am Dezember 2022 krut de Gemengerot de Budget fir dëst Joer virgestallt. Vu Joer zu Joer ginn d'Ausgaben vun der Gemeng rasant an d'Luucht. D'Gestioun vun de Gemengefinanzen duerch den LSAP-DP-Schäfferot ass katastrophal a vill Bierger stellen sech mëttlerweil och d'Fro, wéi d'Gemeng et iwwerhaapt mécht, fir all déi grouss Bauprojeten ze bezuelen?

Gleeft een dem Schäfferot, dann huet hien alles am Gréff an eis Gemeng huet keng finanziell Problemer. Dëst ass awer „Augenwischerei" wëll d'Realitéit gesäit manner roseg aus.

**Mat iwwer 34 Milliounen Euro sinn d'Ausgaben am extraordinäre Budget sou héich wéi nach ni virdrun. D'Ausgaben hu sech zanter 2018 méi wéi vervéierfacht!**

**D'Gemengeschold klëmmt op 27 Milliounen Euro an d'Pro-Kapp-Verscholdung läit dëst Joer bäi 5.719 EUR pro Awunner (1.701 EUR - 2022).**

An Zäiten wou all Bierger sech Gedanke mecht fir seng Rechnungen ze bezuelen, mecht eng Gemeng bewosst onnéideg Schold. Géif eng Privatpersoun oder eng Entreprise säi Budget sou verwalten wéi d'Gemeng, da wäre si scho längst faillite.

D'Resultat vun dëser katastrophaler Gestioun ass haut bekannt. **D'Präisser vum Schäfferot senge Projeten explodéieren. Hei just dräi Beispiller déi zesummen 6,7 Milliounen EUR méi deier gi wéi ugangs geplangt:**

**Pavillon (Bistro) am Schuller Park:**
**Devis** dee vum Gemengerot gestëmmt ginn ass: **2.657.031,96** EUR
Zousätzlech Käschten: **+ 1.222.886,97 EUR (= + 46% iwwert dem Budget)**
**Gesamtpräis haut: 3.879.918,93 EUR**

**Kulturhaus (Centre culturel) Schuller:**
**Devis** dee vum Gemengerot gestëmmt ginn ass: **8.043.546,17 EUR**
Zousätzlech Käschten: **+ 3.914.221,97 EUR (= + 48% iwwert dem Budget)**
**Gesamtpräis haut: 11.957.768,14 EUR**

**Annexe Schuller Schoul:**
**Devis** dee vum Gemengerot gestëmmt ginn ass: **7.509.202,19 EUR**
Zousätzlech Käschten: **+ 1.552.935,23 EUR (= + 21% iwwert dem Budget)**
**Gesamtpräis haut: 9.062.137,42 EUR**

**Als Biergerinitiativ si mir fir e vernënftegen an zukunftsorientéierten Ëmgang mat ëffentleche Gelde**r. Mir hunn dofir géint de Budget 2023 gestëmmt. Als Biergerinitiativ hu mir reegelméisseg dovun ofgeroden fir an dëse schwieregen Zäiten a Luxusprojeten wéi e Kulturhaus oder e Pavillon z'investéieren, déi de Schäfferot onbedéngt nach virun de nächste Gemengewalen wollt duerchboxen.

| Service extraordinaire | | | Dépenses extraordinaires (évolution) | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Dépenses extraordinaires** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** | Ecart 2022/2023 |
| **Budget autorisé** | 7.310.489 | 7.693.410 | 12.435.298 | 19.705.117 | 27.064.560 | **34.726.165** | 10.732.838 |
| **Budget rectifié** | 4.827.151 | 6.581.227 | 4.658.758 | 13.959.685 | 23.993.327 | | |

Source: Gemeng Dippech

| Prévisions fin 2022 et fin 2023 | | | |
|---|---|---|---|
| | | **2022** | **2023** |
| **Situation financière** | Boni budgétaire fin année | 8.284.666 | 584.054 |
| | solde emprunts 31/12 | 7.953.442 | 27.453.442 |
| | Solde | **331.224** | **-26.869.388** |
| | Population estimée fin année | 4.677 | 4.800 |
| | Situation financière nette par habitant | 1.701 | 5.719 |

## Contournement Dippech-Gare : Elo geet et lass !

Am Joer 2018 hunn déi Gemengeresponsabel vun LSAP-DP um Mikro vun RTL erkläert, dass *«2019 mat den Aarbechte vum klenge Contournement ugefaange soll ginn. Ugangs 2022 dierft déi nei Strooss da fäerdeg sinn»*. Haut si mir schonn am Joer 2023, mee vun engem Contournement ass nach ëmmer keng Spuer. Dat soll sech elo awer änneren!

**Nodeems mir als Biergerinitiativ déi lescht Joren ëmmer nees Drock gemaach hunn, fir dass dëse wichtege Projet endlech realiséiert soll ginn, gouf eis elo offiziell bestätegt, dass mam Chantier vum Contournement Dippech-Gare um Enn vum Mount ugefaange soll ginn.**

Erstaunlech ass et schonn, dass no iwwer 4 Joer Stëllstand dëse Projet elo kuerz virun de Gemengewalen op eemol eng gewëssen Dynamik kritt. All ze oft gouf de Bierger an der Vergaangenheet falsch Versprieche gemaach. Als Biergerinitiativ hoffe mir dofir, dass dëse wichtege Projet elo endlech realiséiert gëtt!

## Problemer mam Leitungswaasser



Ëmmer méi Bierger bekloe sech iwwert knaschtegt Leitungswaasser. Mir hunn dofir dëse Sujet am leschte Gemengerot ugeschwat a kruten erkläert, dass sou Problemer dem Schäfferot net bekannt sinn. Mir maachen dofir en Appell un all betraffe Bierger fir eis eventuell Problemer mam Leitungswaasser matzedeelen. Dëst erlaabt eis deementspriechend bei der Gemeng z'intervenéieren.

E-mail: contact@biergerinitiativgemengdippech.lu



BIERGER INITIATIV GEMENG DIPPECH

EIS DIERFER ERSTÉCKEN AM VERKÉIER!

*Mat eiser Equipe setze mir eis an fir eng Verkéiersberouegung souwéi eng besser Politik an der Gemeng Dippech.*

Är Gemengeconseilleren
Sven SCHAUL
Romain SCHEUREN

www.biergerinitiativgemengdippech.lu

## Verkéiersberouegung an der Rue de Dahlem

Als Biergerinitiativ hu mir reegelméisseg am Gemengerot eng Hellewull vu Verkéiersberouegunge gefuerdert an och virgeschloen. Mir sinn dofir frou, dass sech elo endlech virun de Gemengewalen ëppes deet. Den 23. Dezember 2022 gouf dem Gemengerot en Avant-Projet fir d'Rue de Dahlem zu Schuller virgestallt. Hei soll am Agang (aus Richtung Duelem kommend) eng Foussgängerinsel entstoen. Des Weidere soll bei den Zebrasträifen eng Erhéijung gebaut ginn. Doduerch sollen d'Autoen ofgebremst ginn. Ausserdeem soll d'Zone de Rebroussement mat 27 Parkplazen frësch amenagéiert ginn. **Als Biergerinitiativ begréisse mir, dass en Deel vun eise Fuerderungen elo endlech realiséiert ginn.** Leider huet de Schäfferot 6 Joer gebraucht fir den Eescht vun der Situatioun z'erkennen. Och aner Stroossen an eiser Gemeng si vum Trafic betraff ouni dass bis haut eng vun eise Proposen ëmgesat ginn ass. Als Biergerinitiativ wäerte mir weiderhin dee Problem eescht huelen.

*Source: TR Engineering*



BIERGER INITIATIV GEMENG DIPPECH

# Le Citoyen

Le journal de la « Biergerinitiativ » de la commune de Dippach

www.biergerinitiativgemengdippech.lu

N°1 • 2023

### BUDGET COMMUNAL 2023

# UNE GESTION CATASTROPHIQUE DES FINANCES COMMUNALES

## LA DETTE PUBLIQUE ATTEINT LES 27 MILLIONS D'EUROS

En décembre dernier, le budget communal de 2023 a été présenté au conseil communal de Dippach. Les dépenses ne cessent d'augmenter d'année en année. La gestion des finances publiques par l'actuel collège échevinal (LSAP-DP) est catastrophique. Nombreux sont les habitants à se demander comment la commune finance ses multiples projets en phase de réalisation?

Selon les responsables communaux, les dépenses seraient maitrisées et la commune ne rencontrerait aucune difficulté financière. Or la réalité en est toute autre!

**Avec 34 millions d'euros de dépenses publiques, le budget extraordinaire atteint un sommet historique (voir graphique ci-dessous). Depuis 2018, les dépenses ont quadruplé!**

**La dette publique de la commune se chiffre actuellement à 27 millions d'euros et l'endettement public par habitant s'élève à 5.719 EUR en 2023 contre 1.701 EUR en 2022.**

Tandis qu'une majorité de citoyens rencontre des difficultés pour faire face à l'inflation, la commune creuse volontairement sa dette publique. Une personne privée ou une entreprise serait déjà en faillite si elle gérait ses finances comme le font les responsables communaux.

Le résultat de cette gestion catastrophique est aujourd'hui connu. **Les projets de construction ordonnés par le collège échevinal explosent les budgets. Ci-dessous trois exemples qui à eux seuls affichent une augmentation de 6,7 millions d'euros par rapport aux devis votés:**

**Pavillon (Bistrot) dans le parc à Schouweiler:**
**Devis initial** voté par le conseil communal: **2.657.031,96 EUR**
Coûts supplémentaires: **+ 1.222.886,97 EUR ( = +46 % au-dessus du budget autorisé)**
**Coût final aujourd'hui: 3.879.918,93 EUR**

**Maison de la culture à Schouweiler:**
**Devis initial** voté par le conseil communal: **8.043.546,17 EUR**
Coûts supplémentaires: **+ 3.914.221,97 EUR (= +48 % au-dessus du budget autorisé)**
**Coût final aujourd'hui: 11.957.768,14 EUR**

**Annexe école à Schouweiler:**
**Devis initial** voté par le conseil communal: **7.509.202,19 EUR**
Coûts supplémentaires: **+ 1.552.935,23 EUR (= +21% au-dessus du budget autorisé)**
**Coût final aujourd'hui: 9.062.137,42 EUR**

**La Biergerinitiativ est favorable à une gestion responsable et durable des finances publiques.** Voilà pourquoi nos élus ont voté contre le budget 2023. D'autant plus que nous avons demandé aux responsables communaux d'arrêter de dilapider, en cette période difficile, l'argent public pour des projets de prestige tels que le pavillon dans le parc et la maison de la culture.

| Service extraordinaire | | | Dépenses extraordinaires (évolution) | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Dépenses extraordinaires** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** | Ecart 2022/2023 |
| **Budget autorisé** | 7.310.489 | 7.693.410 | 12.435.298 | 19.705.117 | 27.064.560 | **34.726.165** | 10.732.838 |
| **Budget rectifié** | 4.827.151 | 6.581.227 | 4.658.758 | 13.959.685 | 23.993.327 | Source: Commune de Dippach | |

| Prévisions fin 2022 et fin 2023 | | | |
|---|---|---|---|
| | | **2022** | **2023** |
| **Situation financière** | Boni budgétaire fin année | 8.284.666 | 584.054 |
| | solde emprunts 31/12 | 7.953.442 | 27.453.442 |
| | Solde | **331.224** | **-26.869.388** |
| | Population estimée fin année | 4.677 | 4.800 |
| | Situation financière nette par habitant | 1.701 | 5.719 |

## Contournement de Dippach-Gare: Le chantier démarre enfin!

En 2018, les responsables communaux du LSAP-DP ont déclaré au micro d'RTL que *« les travaux du contournement de Dippach-Gare débuteraient en 2019 et qu'ils seraient terminés en début d'année 2022 »*. Nous sommes entretemps en 2023 et les travaux n'ont toujours pas commencé. Ceci devrait cependant changer bientôt!

**Ces dernières années, la Biergerinitiativ s'est inlassablement engagée en faveur de la construction du contournement de Dippach-Gare. Nous venons d'avoir la confirmation officielle que le début du chantier serait prévu pour la fin du mois.**

Heureux hasard que ce projet laissé en attente depuis 4 ans reçoive soudainement une dynamique inattendue avant les élections communales. Trop souvent les citoyens ont été victimes de fausses promesses à ce sujet. La Biergerinitiativ restera vigilante pour que ce projet soit enfin réalisé!

## Des problèmes au réseau d'eau potable



De plus en plus de citoyens dénoncent des impuretés dans l'eau du robinet. Nous avons traité ce sujet au dernier conseil communal et les responsables communaux nous ont indiqué ne pas avoir connaissance de tels problèmes.

Par la présente, nous faisons un appel à tous les citoyens de nous signaler un quelconque problème au niveau du réseau d'eau potable. Ceci nous permettra d'intervenir auprès de la commune.

Courriel: contact@biergerinitiativgemengdippech.lu



BIERGER INITIATIV GEMENG DIPPECH

**NOS VILLAGES ÉTOUFFENT SOUS LE POIDS DES NUISANCES DU TRAFIC ROUTIER !**

*Avec notre équipe, nous nous mobilisons pour une meilleure politique et pour un apaisement du trafic routier dans la commune de Dippach.*

Vos conseillers communaux
**Sven SCHAUL**
**Romain SCHEUREN**

www.biergerinitiativgemengdippech.lu

## Mesures d'apaisement du trafic routier dans la Rue de Dahlem

La Biergerinitiativ (mouvement de citoyens) a régulièrement réclamé et proposé au conseil communal une panoplie de mesures d'apaisement du trafic routier. Maintenant avant les élections communales de juin prochain, les responsables communaux commencent enfin à agir. Un avant-projet vient d'être présenté au conseil communal le 23 décembre 2022.

Ainsi la construction d'un îlot asymétrique est prévue à l'entrée de la Rue de Dahlem (en provenance de Dahlem). Puis le réaménagement des passages piétons est envisagé pour ralentir les véhicules moyennant l'installation de surélèvements (plateaux). Enfin la zone de rebroussement sera réaménagée et 27 places de stationnement seront bientôt disponibles.

En tant que Biergerinitiativ, nous nous réjouissons que nos revendications aient enfin pu être adoptées. Malheureusement les responsables communaux ont mis six ans pour constater l'urgence. D'autant plus que d'autres rues sont également exposées aux nuisances du trafic routier et qu'aucune de nos propositions n'a été mise à exécution pour l'instant. En tant que Biergerinitiativ, nous continuerons à nous mobiliser pour que d'autres mesures soient prises.

*Source: TR Engineering*

